# Trëppel an de Mee

## 26. Abrëll 2026

Org. Ouljer Musek

### De Menü

| | |
|---|---|
| 1. Statioun (Centre Culturel, Ouljen) WC | Amuse-Bouche mat engem Glas Meebowle |
| 2. Statioun (Bësch, beim leschte Wollef) WC | Bouneschlupp mat engem Patt |
| 3. Statioun (Bësch) | Quetsche-Sorbet |
| 4. Statioun (Syrkus Rued-Sir) WC | Wäinzoossiss mat engem Patt |
| 5. Statioun (Flouer Richtung Ouljen) | Digestif aus lokaler Produktioun |
| 6. Statioun (Centre Culturel, Ouljen) WC | Kaffi an Dessertsbuffet |



Op all Statioun kritt Dir och Gedrénks ze kafen.

Op der 1., 4. a 6. Statioun kënnt Dir zousätzlech e Wupp fir d'Kanner kafen.

### De Wee

Nodeems Dir zu Ouljen am Centre Culturel d'Amuse-bouche an eis lecker Meebowle zerwéiert krut, geet Äre Grupp kuerz Richtung Rued-Sir fir dann no riets duerch d'Gässel an do lénks, laanscht de Kraidergaart, op den *Alewee* ze kommen.

Op der éischter Gabelung haalt Dir Iech riets. Riichtaus a parallel zu der Roudemerstrooss féiert de Wee laanscht eng Feldscheier an d'Fëschweiere bei déi 1. Statioun *''Beim leschte Wollef''*. Hei gëtt d'Entrée zerwéiert. Des Plaz heescht esou, well hei 1892 dee leschte Wollef op Lëtzebuerger Buedem erschoss gouf.

Hei kënnt Dir och eng Pippipaus maachen !

Gestäerkt geet et elo eng länger Zäit riichtaus duerch de Bësch. Schlussendlech stousst Dir op en anere Bëschwee, dem Dir no lénks nogitt. No 50 Meter an hannert enger Barrière stousst Dir op e Feld. Do gitt Dir erëm no lénks, laanscht de Bësch viru bis bei de Sorbetsstand.

Gutt erfrëscht geet et weider riichtaus duerch de Bësch. Aus dem Bësch eraus féiert de Wee duerch d'Wise Richtung Riederbësch. Virum Riederbësch kënnt Dir an der Supp de Gallowayranner nach e bëssi nokucken. Dono gëtt vläicht plazeweis net méi esou vill geschnësst, well am Riederbësch geet et eng Zäitche biergop! Ëmmer riichtaus der Nues no, kommt Dir no engem gudde Kilometer laanscht de Bëschkierfecht lénks an d'Fitnessgeräter riets a verloosst de Bësch. Dir sidd zu Rued-Sir ukomm. No der Heck vum éischten Haus féiert de Wee riets duerch eng kleng Päertchen op d'Spillplaz an hanne lenks d'Trap erof an den ale Schoulhaff. Um Enn vum Schoulhaff fannt Dir de Syrkus, wou den Haaptplat schonn op Iech waart.

De Mo gestäipt an d'Been ausgerout geet et elo zréck op Ouljen.

Iwwert den ale Schoulhaff zréck, hannert der Kierch erduerch geet et um Trottoir e kuerzt Stéck duerch *d'Ouljerstrooss* an dann no riets an d'*rue de la Gare*. Iwwert de Parking lénks gitt Dir bis an de *Millewee*. No riets, ënnert de Schinnen duerch, geet et biergop an op der nächster Kräizung no lénks duerch *Zillerei* op déi 5. Statioun zou. Hei kritt Dir den Digestif zerwéiert.

Weider um Wee haalt Dir Iech op der nächster Gabelung lénks a gitt iwwert d'Syrbréck an iwwert d'Barrière. Dir kommt laanscht d'Kierch zréck an de Centre Culturel. Hei ass den Dessertsbuffet opgeriicht, wou jiddereen sech de passende séisse Mäifelchen erausssiche kann.

Mir hoffen, datt eisen *Trëppel an de Mee 2026* Iech gefall huet !

### Ënnerwee

**Mir bieden Iech follgend Reegelen ënnerwee ze respektéieren:**

- Bleift ëmmer um Wee.
- Huelt den Dreck mat an déi nächst Dreckskëscht.
- Halt de Kaméidi a Grenzen.
- Maacht kee Feier ënnerwee.
- Haalt Är Hënn un der Léngt.
- Respektéiert d'Natur a maacht näischt futti.





**Sollt Dir ënnerwee iergendee Problem hunn, rufft um Tourtelefon un:**




621 240 928

(Steve Elcheroth)


Trëppel an de Mee 2026
2
3
1 + 6
Départ + Arrivée
4
5
A
Olingen
Rue de Rodenbourg
Rue de Betzdorf
Rue de Flaxweiler
CR 134
Route de Grevenmacher
Roodt-sur-Syre
Route de Luxembourg
8,7 km
90 m
komoot